- considérant le rôle important que le Traité de Lisbonne attribue aux parlements nationaux en matière de politique européenne;

- saluant la volonté de la Commission européenne de mener un dialogue approfondi avec les parlements nationaux et les sociétés civiles, et appréciant dans ce contexte la visite de la commissaire Madame Cecilia Malmström, le 26 février 2015 à la Chambre des Députés;

- appréciant les échanges réguliers concernant le PTCI/TTIP entre le Gouvernement luxembourgeois, la Chambre des Députés, les membres luxembourgeois du Parlement européen et la société civile luxembourgeoise;

- constatant que le Parlement européen ainsi que tous les parlements nationaux des pays membres de l'Union européenne suivent avec grand intérêt le déroulement des négociations des accords de commerce internationaux, et notamment celui du PTCI/TTIP;

- rappelant que les présidents de tous les parlements nationaux des États membres de l'Union européenne se sont exprimés en faveur d'une ratification du PTCI/TTIP par chaque parlement national;

invite le Gouvernement

- à veiller au sein du Conseil et auprès des autres institutions européennes à ce que le PTCI/TTIP, une fois négocié, soit soumis à la ratification par chaque parlement national des États membres de l'Union européenne, conformément aux procédures légales de ces États.

(s.) Marc Angel, Fernand Kartheiser, Claude Adam, Gusty Graas, Laurent Mosar.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Angel. Vu dass mer elo souwisou op den Ordre du jour iwwerginn, géif ech proposéieren, dass mer, wann d'Chamber do dermat d'accord ass, déi Motioun géife muer en début d'ordre du jour huelen.

4. Communications

Ech wollt awer virdrun nach eng Rei vu Kommunikatiounen un d'Chamber maachen:

1) D'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroen an Äntwerten ass hei deponéiert.

2) D'Lëscht vun den neie Projeten ass un d'Fraktioune verdeelt ginn.

3) An d'Lëscht vun deenen neie Petitioune gradesou.

Communications du Président - séance publique du 7 juillet 2015

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***6831** - Projet de loi portant création des sociétés d'impact sociétal et modifiant l'article 1832 du Code civil, l'article 6 de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises et modifiant certaines autres dispositions légales et l'article 112 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu*

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 01.07.2015

***6832** - Projet de loi portant réforme des prestations familiales*

Dépôt: Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 03.07.2015

***6833** - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique sur la coopération et l'entraide administrative en matière de sécurité sociale, signée à Bruxelles, le 5 février 2015*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 06.07.2015

3) Les demandes de pétition ordinaire suivantes ont été déposées:

*Pétition ordinaire n°**517** - Pour la mise en place d'une plaque commémorative concernant les évacués luxembourgeois de la Seconde Guerre Mondiale*

Dépôt: 27.06.2015 par M. Claude Eich

*Pétition ordinaire n°**518** - Pour la mise en ligne d'un traducteur de texte luxembourgeois*

Dépôt: 02.07.2015 par M. Claude Eich

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

5. 6830 - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

Déclaration de recevabilité

Dann huet d'Presidentekonferenz an hirer Sëtzung vum 2. Juli sech fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6830, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Aide au logement, ausgeschwat. Déi Propositioun gouf den 30. Juni vum Här Marc Lies deponéiert.

Ass d'Chamber mat der Propositioun vun der Presidentekonferenz d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

6. Ordre du jour

Dann hutt Der zougestallt kritt d'Propositioune fir den Ordre du jour vun dëser Woch, wéi e bei der leschter Presidentekonferenz opgestallt ginn ass. Opgrond vun der Disponibilitéit vum Äusseminister wollte mer zu deem doten Ordre du jour eng Rei vu Modifikatioune proposéieren, déi awer am Virfeld och mat de Fraktiounscheffen ofgeschwat gi sinn.

Deemno géife mer de Mëtten, nodeem mer d'Urgence vun där Fro, déi vun der CSV kënnt, ugeholl hunn, déi Question urgente - nodeem mer den Ordre du jour verofschit hunn - elo direkt behandelen.

Da géife mer muer de Mëtten déi Motioun, déi elo just deponéiert ginn ass zum TTIP, en début d'ordre du jour huelen a mir géife proposéieren, fir d'Punkte 5, 6 a 7 op spéider Sëtzungen ze vertagen.

Soss bleift alles onverännert um Ordre du jour, deen e puermol hin- an hiergaangen ass, mä deen, mengen ech, awer elo misst konsolidéiert sinn.

Ass d'Chamber mat där Propositioun d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann direkt zu deem neie Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, der Question urgente, déi vun der Madame Diane Adehm - am Numm vum Gilles Roth mat - géif virgedroe ginn. Madame Adehm, Dir hutt d'Wuert.

7. Question urgente n°1273 de Mme Diane Adehm et de M. Gilles Roth relative à une liste de clients circulant sur Internet

Mme Diane Adehm *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wéilt eng Fro stellen am Zesummenhang mat engem Artikel, deen haut an der Dagespress opgetaucht ass, wou et ëm déi italienesch Firma „Hacking Team" geet. Déi Firma, déi ass ënner anerem drop spezialiséiert, fir den Trafic vun den Donnéeën um Internet ze iwwerwaachen. An do ass elo eng Clientslëscht um Internet opgetaucht an an där Clientslëscht steet ënner anerem och d'Lëtzebuerger Steierverwaltung dran.

An deem Zesummenhang wollt ech wëssen - also, meng Fro riicht sech eigentlech un de Finanzminister -, ob de Minister kéint déi Informatioune konfirméieren. Ech wollt wëssen, wat d'Steierverwaltung ganz genee bei där Société́it „Hacking Team" kaaft huet. Wann et sech dann ëm en Iwwerwaachungslogiciel sollt gehandelt hunn: Firwat huet d'Steierverwaltung deen heite Logiciel kaaft a firwat ass dee Logiciel benotzt ginn?

Huet d'Firma „Hacking Team" d'Lëtzebuerger Regierung respektiv d'Steierverwaltung informéiert, dass si gehackt ginn ass?

An da wéilt ech och nach wëssen, wann dann dee Programm sollt kaaft gi sinn: Wat huet dat dote kascht a vu wéi engem Budgetsartikel ass et erofgeholl ginn?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madame Adehm. An elo huet de Statsminister, den Här Xavier Bettel, d'Wuert.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Madame Adehm an dem Här Roth och Merci soen, dass ech d'Méiglechkeet kréien duerch hir Fro, hei direkt iwwer en Aktualitéitssujet, dee selbstverständlech fir vill Opreegung suergt, Kloerheet ze schafen.

Et geet prezis ëm déi Clientslëscht, esou wéi d'Madame Adehm et gesot huet, vun „Hacking Team", déi am Fong elo selwer gehackt goufen a wou am Fong déi Informatiounen, déi si haten, publizéiert goufen a wou ënner anerem dann „Luxembourg Tax Authority" dropstoung.

Wéi ech gëschter Owend déi Nouvelle iwwert d'Press matgedeelt kritt hunn, hunn ech direkt och ronderëm eng Mail gemaach bei déi verschidden Administratiounen, bei déi verschidde Responsabel, fir ze kucken, wat do dru wier. An haut de Moien hu mer vun de Servicer op jidde Fall, déi mat der Steierverwaltung schaffen, an der Steierverwaltung och selwer kloer gesot kritt, dass et net esou wier, dass d'Steierverwaltung e Lien hätt mat där Firma. Si fannen och keng Rechnung an och kee Lien - an och keen Numm - mat där doter italienescher Firma.

Den SRE allerdéngs, an ech mengen, et soll ee jo och en toute transparence hei kënne schwätzen, huet bei dëser Firma e Logiciel kaaft. Déi Décisioun geet zréck op de 16. Mäerz 2012, wou den SRE vum deemolege Statsminister Jean-Claude Juncker den Accord kritt huet, fir dës Software ze kafen an och ze testen.

Et handelt sech dobäi ëm e Logiciel, dee gebraucht gëtt fir d'Interceptioune vun de Kommunikatiounen. Nodeems déi Tester gemaach goufen an déi zoustänneg Chamberskommissioun och informéiert gouf, ass antëscht, och am Respekt vun de Prozeduren, zweemol - a just zweemol - de Logiciel agesat ginn, an dat selbstverständlech am Kader vun de Missioune vum SRE an och am ganze Kontext vum Cadre légal, dee virgesinn ass vun de Prozeduren, déi mussen hei gemaach ginn.

Ech wëll hei och ënnersträichen, Här President, dass et sech hei net ëm déi dacks zitéiert Da Vinci-Software handelt an dass dat net de Fall hei ass, mä ëm e System, dee speziell fir d'Besoine vum SRE konzipéiert gouf. De System - d'Madame Adehm huet och gefrot, wat et kascht huet - ass deemools budgétiséiert gi beim Budget vun 2012 fir 300.000 Euro. E wäert dann iwwert de Statsministère deemools gelaf sinn. Ech muss dat awer nach iwwerpréiwen.

Ech wollt einfach just haut déi Äntwerte ginn, mä ech kann dat doten awer nach iwwerpréiwen, mä e wäert deemools iwwert de Budget vum Statsministère gelaf sinn 2012. Op jidde Fall: 300.000 Euro.

An déi lescht Fro och, Här President, déi d'Madame Adehm gestallt huet, war, ob déi Firma eis informéiert hätt, dass se gehackt gi wier: Neen! Ech soen lech et, mir hunn net d'Informatioun kritt, an déi Firma „Hacking Team" huet eis net kontaktéiert, nodeems déi Lëscht hei public war.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Statsminister.

Mir géifen dann zu der Froestonn iwwergoen, déi mer haut de Mëtte programméiert hunn. Wéi Der wësst, hunn d'Froesteller, déi ofwieselnd vu Majoritéit an Oppositioun kommen, jee zwou Minutte pro Fro zegutt an d'Regierung huet véier Minutten, fir dorop ze äntwerten.

Eis éischt Fro ass d'Fro N°116, kënnt vum Här Gusty Graas a betrëfft: „En oppent Ouer fir de Bauer, de Wënzer an de Gäertner".

Plusieurs voix.- Aah!

8. Heure de questions au Gouvernement

- Question n°116 du 6 juillet 2015 de M. Gusty Graas relative au lancement du projet «En oppent Ouer fir de Bauer, de Wënzer an de Gäertner», adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

M. Gusty Graas *(DP).*- Ech schéngen do dat richtegt Thema gewielt ze hunn. Här President, léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären aus der Regierung, effektiv huet de leschten 1. Juli de Landwirtschaftsminister en neie Projet virgestallt mam Sujet „Een oppent Ouer fir de Bauer, Wënzer a Gäertner", a vum nächsten 13. Juli un, dat ass also den nächste Méindeg, soll dann och e speziellen Tëlefon fonctionnéieren, wou dann déi Vertrieder vun deenen dräi Beruffsgruppe sech kënnen orientéieren, kënnen nofroen, wa se gewësse Problemer hunn. Op där anerer Säit gëtt den Tëlefon bedéngt vun enger Rei Experten, déi sech dann natierlech mat där ganzer Matière auskenne mussen an déi dann och do wäerten déi néideg Erklärunge ginn.

Ech wollt duerfir an deem Kontext dräi Froen un de Minister Etgen stellen:

Éischtens: Wat sinn u sech d'Ursaachen, firwat datt déi Initiativ do elo hei geschafe ginn ass?

Eng zweet Fro ass: Wat fir spezifesch Problemer sinn do an éischter Linn virgesinn, déi solle behandelt ginn?

An drëttens: Déi Leit, déi déi Tëlefone bedéngen, mussen déi och eng extra Formatioun kréien, well ee sech jo awer ka virstellen, datt et e ganz vast Thema ass, wat hei ofgedeckt gëtt? An deem Sënn wier ech frou, wann de Minister géif zousätzlech Explikatioune ginn.

Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Graas. An d'Wuert huet direkt de Landwirtschaftsminister, den Här Fernand Etgen.

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virewech wëll ech dem honorabele Kolleeg Gusty Graas Merci soe fir déi Fro. Ech mengen eng Initiativ, déi de Landwirtschaftsminister déi lescht Woch zesumme mat der Chambre d'Agriculture an dem Maschinenring presentéiert huet.

De landwirtschaftleche Secteur huet sech an deene leschte Jore mat enger Vitesse entwéckelt, wéi se bal a soss kengem anere Wirtschaftssecteur virkënnt. Dat geet vum technesche Fortschrëtt iwwert d'Agrarpolitik bis hin zum Stellewäert vun der Landwirtschaft an der Gesellschaft. D'landwirtschaftlech Betriber entwéckele sech an deem Ëmfeld lafend an enger grousser Bandbreet a Villfalt. Dat geet vum klengen Nischebetrib iwwert den traditionelle Familljebetrib bis zum traditionelle familljegeféierte Betrib mat enger oder méi friemen Aarbechtskräften. Si hunn all eppes gemeinsam: Famill a Betrib, déi si matenee verbonnen. D'Vergaangenheet huet awer bewisen, datt familljegeféiert Betriber sech an deenen Zäite vu schnelle Verännerungen engersäits als ekonomesch méi stabill an effizient erwisen hunn an anerersäits immens upassungsfäeg a verantwortlech sinn.

Dës Relatioun tëschent Famill a Betrib ass eng grouss Stäerkt vun eisem landwirtschaftleche Secteur a gëtt duerfir vun eiser nationaler Politik och ëmmer erëm méiglechst staark ënnerstëtzt. De Bauer als Mënsch steet dobäi am Mëttelpunkt. Mä dat heescht awer och, datt dee Mënsch oder déi Famill emol kann a Schwieregkeete kommen, déi sech dann op de Betrib ausbreede kënnen. Oder ëmgedréint: Problemer am Betrib kënnen d'Familljeliewen duercherneebréngen.

An esou Momenter ass et wichteg, e kompetente Gespréichspartner erreechen ze kënnen, deen déi spezifesch a komplex Situatioun vun engem Bauerebetrib kennt a mat deem een iwwert dat perséinlecht a vertraulecht Uleies kann anonym schwätzen. Dat weist och dat grousst Interesse un de Weiderbildungscoursen, déi vum Maschinenring, dem MBR Lëtzebuerg, ronderëm psychosozial a familljesystemesch Themen organiséiert ginn.

An deene leschte Joren hunn iwwer 200 Baueren un dëse Coursen, déi vun enger diplomëierter a ganz erfuerener Psychologin gehale ginn, deelgeholl. Ech mengen, eleng déi Participatioun weist, datt e gewësse Besoin do ass.

Duerfir huet am Fong de Landwirtschaftsministère zesumme mat der Landwirtschaftskammer an dem Maschinenring dës Initiativ geholl, fir de Projet „En oppent Ouer fir de Bauer, Wënzer a Gäertner" an d'Liewen ze ruffen. Dës Hotline kann een ënnert der Gratisnummer 8002-7171 ab dem nächste Méindeg all Méindeg vun zwou Auer bis véier Auer uruffen. De Bauer kann zesumme mat sengem Gespréichspartner schwätzen an no Léisunge sichen, wéi scho gesot, anonym a vertraulech, a gëtt dann, jee nodeem, wéi de Fall läit, richteg weiderorientéiert.

Mir sinn dobäi frou, op d'Kompetenz an déi bénévole Mataarbecht vun der Psychologin zielen ze kënnen. Dëse Service, deen et vergläichbar och bei eisen auslänneschen Nopere gëtt, soll also eng Ergänzung zu bestehenden Offere sinn a soll hëllefen, Brécken ze bauen, do wou se néideg sinn. Et ass och een Element, wa vläicht och e klengt, vu Kompetitivitéit an engem net einfachen ökonomeschen Ëmfeld.

Et ass mer wichteg ze betounen, datt de landwirtschaftleche Secteur net méi Problemer kennt wéi anerer, mä dëse Secteur ass spezifesch an et muss een also dëse Spezifissitéite Rechnung droen. Ech géif mer wënschen, datt dëse Service esou wéineg wéi méiglech muss an Ursproch geholl ginn. Mä ech mengen awer, datt et gutt ass, datt mer e geschafen hunn. Mëttelfristeg wäert dann d'Erfahrung aus dësem Projet ënner anerem och mat derzou bäidroen, Berodungssystemer am Déngscht vun der Landwirtschaft weiderzeentwéckelen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Landwirtschaftsminister. Da géife mer zur nächster Fro iwwergoen. Déi kënnt vun der Madame Octavie Modert a geet ëm